déi Konservativ

Pressematdeelung

28.02.2018

Eis Democracy an d'Wielgeheimnis sinn helleg!

D'Partei déi Konservativ reagéiert mat dësem Schreiwes op de Gesetzesprojet 7118, deen Ännerungen an Adaptatioune fir d'Bréifwiel virgesäit an déi haut, um 28. Februar 2018, politesch Diskussioun an der Chamber ass. D'Partei hélt mat Mësstrauen zwou Propositiounen vum Projet de loi zur Kenntnis;

- datt d'Bréifwiel universaliséiert a generaliséiert gëtt, ouni Justifikatiounen, Restriktiounen a Konditiounen, dat heescht, eng Gläichstellung vu Bréifwiel a klasseschem Wahlrecht,
- datt de Prinzip vu fënnef Joer, onënnerbrachener Residenszäit zu Lëtzebuerg bei de Gemengerotswahlen, duerch de simpele Noweis vu leschtem Joer Residenszäit changéiert gëtt;

Déi Konservativ sinn, geméis hirer politescher Analys vun de siwe Modifikatiounen, zur Conclusioun komm, datt zwou punktuell Ännerungen an der Gesetzeslag, net déi richteg Optioun fir méi oder besser Demokratie sinn.

1. Mat der neier Grondlag fir d'Bréifwiel, riskéiert déi fräi Wiel an d'Wielgeheimnis a Fro gestallt ze ginn. Hei gëtt d'Gefor gelaf, datt jee no Intérêt, politesch oder onfräiwëlleg Aflossnam op de Wieler ausgeübt ka ginn, oder de *„secret de vote"* eng ze vill grouss Transparenz weist. Och de Staatsrot huet a sengem Avis, op berechtegt Kritik um Gesetzestext higewisen.

2. Mat der Ouverture vum Auslännerwahlrecht bei de Gemengerotswahlen fir EU-Auslänner am Joer 1999, souwéi d'Erweiderung op Auslänner aus Drëttstaaten am Joer 2003, ass d'Participatioun vun auslännesche Communautéiten op lokalem Plang, scho laang politesch Realitéit. Eis Partei mengt, datt dëse 5-järege Residenznoweis déi lescht an eenzeg Konditioun vu politescher Souveränitéit op lokalem Plang ass, a garantéiert bleiwe soll.

Als Partei proposéiere mir allerdéngs d'Ëmsetzung vu méi direkter Demokratie duerch Referenden, an d'Schafung vun engem eenheetleche, nationale Wahlbezierk. Schued ëm e reelle Fortschrëtt, deen hei verpasst gouf...

gezeechent,

déi Konservativ